Fotoen vun der Passioun 2007 op Pabeier oder op CD

Dir kënnt gäer Fotoen nogemach kréien, der braucht mer jhust den Numm vum Album, d'Foto Nummer an d'Format unzeginn.
d'Präisser pro Foto:
9 x 13 = 0.20 €
10 x 15 = 0.20 €
11 x 15 = 0.25 €
13 x 18 = 0.30 €
Fotoposter:
20 x 30 = 1.00 €
30 x 45 = 2.10 €
40 x 60 = 7.10 €
50 x 75 = 10.10 €
pro Bestellung kommen nach 4.00 € derbäi plus Versandkäschten.
d'Fotoen sin net um Computer ausgedréckt, awer qualitativ als Foto entwickelt.
E Foto-CD kascht pauschal 7.00 € plus Versandkäschten
Bestellungen sin ze schëcken un : webmaster@piusverband.lu oder un d'Sekretariat vum Piusverband.

UNION SAINT PIE X
64, rue Charles Martel L-2134 Luxembourg
Tél.: 26 20 18 99 Fax: 26 20 18 98

www.piusverband.lu
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu
Layout: Fernand Kridel

Piusblietchen
Informatiounsblat vum Piusverband
Nummer 4 / Juni 2007

Just e Wuert

No der Generalversammlung 2007 vum Piusverband hunn sech de Comité Central an d'Delegéierteversammlung un d'Aarbecht gemaach, fir am Interessi vun eise Chéier weider Aktivitéiten ze plangen. Haut kënne mir Iech schonns éischt oder definitiv Detailer doriwwer ginn. Liest och den neie Canticum Novum, deen elo am Juni erauskënnt, do fannt dir weider interessant Artikelen a Beiträg.

Roby ZENNER
President vum Piusverband

V. Concert National

De Piusverband invitéiert op säi V. Concert National e Samschdeg, den 8. Dezember 2007, owes um 8 Auer, an der Philharmonie an der Stad. Um Programm steet dës Kéier e Concert fir Chéier, Orchester an Uergel mat der „Chorale Municipale Sainte-Cécile" an dem Orchester „L'Estro Armonico" ënnert der Leedung vum Josy Putz, mam Claude Windeshausen op der Uergel. Um Programm stinn 3 Wierker: den „Oratorio de Noël", opus 12, vum Camille Saint-Saëns, „Finlandia", Transkriptioun fir Uergel, vum Jean Sibelius, an den 1. Deel vum „Messias", HWV 56, vum Georg-Friedrich Händel. Et kann ee seng Plazen fir de Präis vun 18 Euro d'Stéck vum 1. Oktober 2007 u bestellen iwwert **tickets@philharmonie.lu**

17. Juni 2007: Kierchefest

Sonndes, de 17. Juni ass an der Stad d'Kierchefest mat villen interessanten Initiativen. Detailer fannt dir bis dohin an der Presse. Nomëttes vun 2 bis halwer 4 Auer huelen an der Kathedral och Choralë vum Piusverband mat Gesäng drun deel. Wien als Nolauschterer derbäi wëllt sinn, kënnt einfach an d'Kathedral.

De Piusverband an der Sprangprëssioun

Och dëst Joër huet sech de Piusverband un der Sprangprëssioun zu Iechternach, Päischtdënschdeg, den 29. Mee 2007, bedeelegt. Mir haten äis Rendez-vous um 9 Auer am Haff vun der Abtei hannert eisem Fändel ginn. No der Usprooch vum Äerzbëschof Mgr Fernand FRANCK ware mir an eisem Grupp zu bal 300 Sängerinnen a Sänger, déi matgesongen hunn. Mir soen all deenen, déi derbäi waren, e ganz grousse Merci.

www.orgues.lu an www.chorales.lu

Niewent eisem Internet-Site **www.piusverband.lu**, dee fir de ganze Piusverband besteet, gëtt et elo zënter kuerzem zwou nei Adressen, déi absolutt kuckeswäert sinn: engersäits **www.orgues.lu**, op deem mir äis virgeholl hunn, all Uergelen am Land am Bild a mat engem klengen Text virzestellen, an anerersäis **www.chorales.lu**, op deem mir d'Kierchechéier virstellen, déi am Piusverband Member sinn. Geheit emol e Bléck eran.
Mee zënter datt mir eis Choralë gefrot haten, äis Angaben iwwert sech eranzeginn, fir www.chorales.lu opzebauen, hunn nach net ganz vill Choralen op eisen Opruff geäntwert. Duerfir biede mir Iech, wann et nach net geschitt ass, Angaben iwwert Är Chorale eranzeschécken, well och Är Chorale soll net dra feelen.

Regionalversammlungen 2007

De Comité Central vum Piusverband huet elo d'Uertschaften an d'Datume vun eise Regionalversammlungen 2007 festgeluegt. Niewent deenen traditionelle Punkte vun enger Regionalversammlung stelle mir op deene 5 Plazen eis nei Internet-Adressen www.chorales.lu an www.orgues.lu vir.

Méindeg, 8. Oktober 2007	Pëtscht
Mëttwoch, 10. Oktober 2007	Weiler-la-Tour
Freideg, 12. Oktober 2007	Zéisseng
Dënschdeg, 16. Oktober 2007	Rammerech
Donneschdeg, 18. Oktober 2007	Déifferdeng-Fousbann

D'Versammlunge fänken all Kéier owes um halwer 8 un.

Passioun 2007: Brochure an CD

Am Mäerz an am Abrëll 2007 huet de Piusverband a 4 Kierchen vum Land d'Matthäus-Passioun mat engem lëtzebuergeschen Text vum Emil ANGEL a mat Musik vum Père André GOUZES opgefouert. Déi 4 Opféierungen haten e ganz groussen Erfolleg, well et waren net manner wéi 1200 Leit derbäi.
De Piusverband huet elo nach eng Partie Brochurë mam Wuertläut vum Text an CD-e mat der ganzer Opféierung, déi ee ka bestellen. D'Brochure kascht 7 Euro d'Stéck, den CD 20 Euro (do sinn d'Käschte mat dran). Wann dir interesséiert sidd, da schéckt dee respective Betrag op de Kont „Union Saint Pie X – Passioun 2007", CCPL LU55 1111 2433 3458 0000 mam Vermierk „Brochure" oder „CD Passioun 2007".

Eis Organisten an der Philharmonie

Ënnert dësem Motto hat de Piusverband virun enger Partie Méint en Opruff un eis Organiste gemaach, fir sech un engem Nomëtteg mat Uergelmusik an der Philharmonie ze bedeelegen. Op eisen Opruff hin hu sech 8 Organiste gemellt, fir matzemaachen. Elo ass den Datum bekannt: Ënnert der Bezeechnung „Luxemburger Kirchenorganisten zu Gast in der Philharmonie" gëtt dës Initiativ elo an de Programm erageholl. Weider Informatioune gi mir méi spéit bekannt.

Jugendmass mam Piusverband

De Comité Central vum Piusverband ass amgaang, zesumme mat engem Jugendchouer eng Jugendmass ze plangen, déi wahrscheinlech ugangs 2008 gesonge gëtt. Och doriwwer spéider weider Informatiounen.